fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

09.11.2021

World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 1

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Am August 2023 ass et nees esou wäit: De Weltverband vun de Scouten invitéiert op den 25. World Scout Jamboree, organiséiert vun Südkorea. An dëser Newsletter fannt dir all wichteg Informatiounen iwwert den Jamboree selwer a wéi dir iech provisoresch umellen kennt fir dësen eemolegen Camp zesumme mam Lëtzebuerger Contingent ze erliewen.

Op ee Bleck:

Wat? 25. World Scout Jamboree „Draw your Dreams"

Wou? SeaManGeum, Jeollabuk-do, Südkorea

Weini? 1 – 12 August 2023 (ouni Norees)

SCOUTING IN LUXEMBOURG

All Informatiounen iwwert de Jamboree fannt dir um offizielle Site: www.2023wsjkorea.org/

Do fannt dir och schonn en éischten Iwwerbléck iwwert de Programm: https://www.2023wsjkorea.org/_html/2023wsj.html#sec=program

Nom offizielle Camp gëtt et d'Méiglechkeet zesummen mam Lëtzebuerger Contingent op eng Norees ze goen. Des dauert +/- 1 Woch direkt nom Jamboree selwer.

Lëtzebuerger Contingent

De Lëtzebuerger Contingent besteet aus Units (jeweils 36 Participanten an 4 Chef), IST (International Service Team) an engem Contingent Management Team (CMT). Mir huelen als „Scouting in Luxembourg" – Lëtzebuerger Verband beim WOSM, um Jamboree deel an deemno si mir eng gemëschten Ekipp aus Memberen aus der FNEL an den LGS.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Contingent Management Team

D`Contingent Management Team vu Lëtzebuerg gesäit folgendermoossen aus:

Head of Contingent:

- Pit DEMUTH (LGS)

Team:

- Jennifer Adami (LGS)
- Tom „Salvi" Conrad (FNEL)
- Charel Donven (LGS)
- Alex Doré (LGS)
- Paul „Tahr" Fay (FNEL)
- Daniel Monville (FNEL)
- Jil Steyer (LGS)
- Laura Strock (LGS)
- Leini Vaessen (LGS)
- Laure Weitzel (LGS)

Präis

De Präis ass nach net genau definéiert (e Deel vun de Käschten ass ofhängeg vun der Zuel vun de Leit déi matginn). Mir rechnen mat folgenden Montant'en:

- Optioun 1 – Jamboree: 2.750€ (1000€ Camp + 1250€ Fluch an Transport + 500€ Preparatiouns-WE a Contingent Material)
- Optioun 2 – Jamboree mat Norees: 4.000€

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Opgepasst: Dëse Präis ass just gülteg bei enger definitiver Umeldung bis spéitstens den 30.08.2022. Dono besteet nach d'Méiglechkeet sech unzemellen mee de Präis gëtt em 10% erhéicht.

Wat	Wéini	Montant
1. Acompte*	01/03/2022	750€
2. Acompte	01/09/2022	1000€
Reschtbetrag	01/02/2023	1000€
Norees (optional)	01/03/2023	1250€

* den 1. Acompte ass leider net remboursabel am Fall vun enger Ofmeldung. Dëse Montant gëtt benotzt fir ons lafend Käschten vun der Umeldung an d`Réservatioun vum Transport ze decken.

Participatioun

Fir d'Membere vun den LGS an der FNEL gëtt et 3 Méiglechkeeten de Jamboree ze erliewen:

1. Participant

Fir jidder aktiven Member gebuer tëscht dem 22. Juli 2005 an dem 31. Juli 2009. Hei ginn keng Ausnahmen gemeet.

2. Chef

Als Chef kann een sech umellen wann een um vum Camp mindestens 21 Joer huet. Stéchdatum : 21.Juli 2002

3. IST - International Service Team

Fir als IST matzegoen an um Camp an engem internationalem Team bei der

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Organisatioun vun dësem groussen Event ze hëllefen muss ee mindestens 18 Joer hunn. Stéchdatum : 21. Juli 2005

Wéi mellen ech mech un?

Wann dir als Grupp op den Jamboree gitt, maacht dir w.e.g. eng gemeinsam Umeldung, d'IST'en mellen sech selwer un.

Wann ären Grupp net mat op den Jamboree geet, besteet och d'Méiglechkeet sech als eenzelen Member unzemellen.

Déi provisoresch Umeldung (déi vun all Mensch muss perseinlech ausgefellt gin) geet bis den 15. Dezember 2021 iwwert dëse Link :
https://forms.gle/DZFqAwncu9Lb85mk7

Méi Informatiounen iwwert de Lëtzebuerger Contingent (Team a Kontaktdaten) an den Jamboree 2023 fannt dir ab dem 1. Januar ënnert :
https://wsj2023.sil.lu (befennt sech nach am Opbau)

Bei weideren Froen, zéckt net eise ze kontaktéieren ënnert: cmt@wsj2023.sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,

Pit

https://wsj2023.sil.lu